N° 62 | DEZEMBER 2022

# Fëschber Gemengeblat



# Impressum

**Fëschber Gemengeblat**
Editioun Dezember 2022

**Redaktiounsteam**
Sven BETTENDORF
Marianne BROSIUS
Marie-Louise HAAS
Dany HERMES
Marc KOLBER
Roland MINY
Delphine NOTARNICOLA
Lis WEBER
Frank WEYRICH

**Kollaboratioun**
Angsber Schoul
Maison Relais
Schäfferot Gemeng Fëschbech
Georges FRIEDEN
Tom HEINZ
Viviane HEUSKIN
Daniel HOTTUA
Erny KOHN
Claude MALGET
Olivier MOLITOR
Daniel MOURA
Viviane THILL

**Layout**
Delphine NOTARNICOLA

**Cover**
Luss BROSIUS

**Editeur**
Gemeng Fëschbech
1, rue de l'église
L-7430 Fischbach
www.acfischbach.lu

**Drock**
Imprimerie de l'Est
2, rue Pierre Richardot (Z.I.)
L-6468 Echternach
www.imprimeriedelest.lu

*Wann Dir Loscht hutt fir beim Blat heiansdo een Artikel oofzeliwweren kënnt Dir Iech bei eis mellen* ***gemengeblat@acfischbach.lu***

*Redaktiounsschluss fir d'Fëschber Gemengeblat 63/2023 ass den 10/04/2023.*

***Mir soe jidderengem Merci, deen un dëser Nummer an iergendwellecher Form matgeschafft huet.***

**GEMENG**

Gemengerotssëtzungen 4
Matdeelungen
 Avis de fin d'année 7
 Energiesparen leicht gemacht 10
 Réalisatiounen an der Gemeng Fëschbech 16
Aktivitéite ronderëm d'Gemeng
 Filano - Merci Georges a Sam! 18
 Visitt vum Chantier vum Wunn- a Fleegeheem „Beim Goldknapp" zu Ierpeldeng un der Sauer 19
 Nationalen Dag vun der Commémoratioun 20
 Nationalen Dag vum Bam 2022 22
 Fairen a lokale Kaffisbuffet 24
 Ausfluch mat den Ukrainer aus eiser Gemeng 25
 Adventsfënster 1.-12.12 26
 Schleefen mam Päerd 30
 Fondation Lëtzebuerger Blannenvereenegung: Colors of Blindness 32

**ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG**

Aktivitéiten an der Schoul 34
Schouljoer 2022 - 2023 40
Kenneléierowend an der Angsber Schoul 45
Adventsfënster vun der Schoul 46
Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen... 48
Aktivitéiten „bei de Kueben" 52

**WAT WAR LASS?**

Hierschtfest 56
Léiffrawëschdag 57
Mammen- a Pappendagsfeier 57
Ausfluch op d'Porte Ouverte vum CGDIS 58
Journée du Grand-Âge 60
't ass Kiermesdag 62
Kiermesham 64
Schluechtfest 65
Cäciliefeier a Scheckiwerreechung vum Gesangverӓin 66
Wanterfest 67
Mähdreschercross 69

**REPORTAGE**

Eng Weltmeeschterin vu Schous... 70

**AGENDA**

Aktivitéitskalenner 2023 72
Mir gratuléieren 74

# Virwuert



Léif Matbiergerinnen a Matbierger
aus der Fëschber Gemeng,

Ewéi all Joer hunn ech d'Éier dat läscht Virwuert vum Joer ze schreiwen. 2022 geet zu Enn, e Waljoer steet virun der Dier an d'Aarbecht op der Gemeng geet virun ewéi ëmmer. Wat ass 2022 alles bei eis an der Gemeng geschitt a wou geet et 2023 hin? Erlaabt mer e klenge Réckbléck op d' Joer 2022 an en Ausbléck op 2023.

D'Joer 2022 ass alles erëm e bëssche méi normal verlaf. D'Veräinshaus war nees gutt gefëllt an d'Leit konnte Fester feieren. Leider net iwwerall op der Welt. An der Ukrain ass e Krich ausgebrach a Leit hu misse flüchten. An eiser Gemeng war d'Solidaritéit nees grouss. Awunner hu Material gespent, hu gehollef dat aalt Paschtoueschhaus zu Fëschbech ze renovéieren a Verschiddener hunn esouguer ukrainesch Leit bei sech doheem opgeholl. Mir soen Iech dofir hei nach emol Alleguerten e grousse Merci.

Et ass awer och vill geschafft ginn. Déi 1. Phase vun der Spillplaz an der Angsber Schoul ass fäerdeg, an déi 2. steet an de Startlächer am neie Joer. Am Schoulgebai si mer amgaange Luuchten op LED emzerüsten an am Fréijoer kréie mer weider Solarpanneauen op den Daach. Den interkommunale Waasserreseau ass ewell deelweis a Betrib an Duerf Fëschbech kritt schonns Waasser iwwert de neie Reseau. Op der neier Kläranlag zu Fëschbech ginn nach Finitiounsaarbechte gemaach, esou dass se nach an der éischter Halschent vun 2023 kann a Betrib goen. Zu Angelsbierg ass et e bësschen anescht. Do sinn Deeler vun der neier Anlag schonns a Betrib an nach anerer am Bau. D'Angsber Kläranlag wäert am Hierscht 2023 komplett fäerdeg ginn. Zu Fëschbech sinn d'Etuden esouwäit ofgeschloss an dem Renouvellement vun der Rue du Berger an der Rue St Nicolas steet fir nächst Joer näischt méi am Wee. Am éischte Semester soll och endlech de neie Busarrêt an d'Mëtt vu Fëschbech kommen. Un der Fëschber Kierch leeft eng Etude zesumme mam INPA fir d'Fassade ze restauréieren, hei waren am Oktober Steng erofgefall. Zu Schous leeft de Renovatiounsprojet vun der Molkerei op Héichtouren an zu Fëschbech soll 2023 och nach de Grondstee fir e neit Gemengenhaus geluecht ginn.

Mir schaffen och gläich e Joer mam neie PAG, PAP-QE a Bautereglement. Natierlech bemierkt een elo wou nach net alles klappt a kleng Modifikatiounen si schonns a Planung.

Och un deene verschiddene Pakten ass geschafft ginn. Am neie Klimapakt hu mer eis dacks getraff, sinn elo Mëtt Dezember auditéiert ginn an hoffen op eng gutt nei Zertifikatioun. De PacteNatur leeft och, zemol eis Gemeng hei souwisou ëmmer staark aktiv wor. Mam PacteLogement si mer an der Startphase a mussen emol analyséiere, wat dat fir eng Gemeng ewéi eis bedeit!

Sécherheet op der Strooss a Mobilitéit ass eis alleguer wichteg an dofir hu mir eng digital Ëmfro gestart déi mir am 1ten Semester 2023 an enger ëffentlecher Bierger Versammlung den 8. Februar mat Iech diskutéiere wëllen. Dir gesitt d'Aarbecht an eiser Gemeng geet net aus an et geet virun. Dofir hunn mir och schonns e neie Gemengesekretär, Viviane Heuskin. Hat ersetzt Viviane Thill wat Ufank 2023 a seng wuelverdéngte Pensioun wäert goen.

Zu gudder Läscht fann Dir an dëser Editioun vum Blat verschidden Avisen a Rapporten an awer och nees vill flott Fotoe vun Aktivitéiten aus de leschte Méint an eiser Gemeng.

Ech wënschen Iech am Numm vum Schäffen a Gemengerot vun der Gemeng Fëschbech, schéi Feierdeeg an e gudde Rutsch an d'Joer 2023.

*Luss BROSIUS*
*Schäffen*

# Compte rendu

## Séance publique du conseil communal du 28 juillet 2022

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre;
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins;
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, OLINGER Kevin, SCHILTZ Laurent – conseillers;

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

Le conseil communal accorde démission de ses fonctions de secrétaire communal à Madame Viviane Thill et nomme Madame Viviane Heuskin de Medernach à ce poste avec effet au 1er octobre 2022.

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl !

De Gemengerot geneemegt der Madame Viviane Thill d'Demissioun vum Poste vum Gemengesekretär an ernennt d'Madame Viviane Heuskin vu Miedernach ab dem 1. Oktober 2022 op dee Posten.

4

## Séance publique du conseil communal du 22 septembre 2022

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre;
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins;
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, OLINGER Kevin, SCHILTZ Laurent – conseillers;

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prise à l'unanimité.

1. Le Conseil décide de tenir ses séances publiques en la salle de séance à la mairie à Fischbach pour autant que la situation sanitaire le permette.
2. Des titres de recettes portant sur un montant de 1.156.433,71 € sont approuvés.
3. Le Conseil approuve les décomptes relatifs aux projets suivants:
   a. Terrain multisports à Angelsberg: 168.541,52 €;
   b. Place de jeux à Schoos derrière le Veräinshaus: 20.561,80 €;
   c. Nouvelle salle de conférence pour les enseignants: 43.362,18 €;
   d. Rénovation de la maison duplex sise 4, rue de Schoos à Angelsberg: 59.084,81 €;
   e. Piste de pétanque à Angelsberg: 813,99 €;
   f. Remise en état des appartements D et E sis rue de Schoos n°4 à Angelsberg: 21.754,42 €;
   g. Nouvelle bibliothèque scolaire: 51.933,18 €;
   h. Acquisition de nouveau mobilier scolaire pour les cycles 2 et 3: 35.076,03 €;
   i. Acquisition d'une imprimante/scanneur: 7.755,54 €.
4. Le Conseil décide de diminuer le crédit relatif à la construction d'une nouvelle mairie à 1.000.000 €.
5. Le Conseil approuve le devis relatif au remplacement du système de gestion des installations d'eau potable, présenté par Daedalus Engineering de Heffingen au montant de 68.346,32 € HTVA et approuve un nouveau crédit de 90.000 €.
6. Le Conseil approuve le devis relatif à l'aménagement de deux arrêts-bus à Fischbach présenté par INCA – Ingénieurs Conseils Associés de Niederanven au montant de 212.439,42 € HTVA.
7. Le Conseil approuve à 5 voix contre 2 et 1 abstention le devis relatif à la construction d'une nouvelle mairie à Fischbach présenté par le bureau d'architecture COEBA de Bereldange s'élevant à 10.393.162,40 € HTVA;
8. Le conseil décide de modifier le budget ordinaire avec:

   - 76.070 € de recettes supplémentaires et
   - 203.900 € de dépenses additionnelles.

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl.

1. De Gemengerot entscheet seng ëffentlech Versammlungen am Sëtzungssall op der Gemeng zu Fëschbech ze halen, souwäit d'Gesondheetssituatioun et erlaabt.
2. De Gemengerot genehmegt Einnamen iwwert 1.156.433,71 €.
3. De Gemengerot stëmmt den Decompten zu folgende Projeten zou:
   a. Multi-Sport Terrain zu Angelsberg: 168.541,52 €;
   b. Spillplaz zu Schouss hannert dem Veräinshaus: 20.561,80 €;
   c. neie Konferenzsall fir d'Schoulpersonal: 43.362 €;
   d. Renovatioun vum Duplex 4, rue de Schoos zu Angelsberg: 59.084,81 €;
   e. Petanque's Piste zu Angelsberg: 813,99 €;
   f. Sanéierung vun den Appartementer D an E an der Rue de Schoos n°4 zu Angelsbierg: 21.754,42 €;
   g. nei Schoulbibliothéik: 51.933,18 €;
   h. Uschafen vu neie Schoulmiwwel fir Cyclen 2 an 3: 35.076,03 €;
   i. Uschafen vun engem A0 Drocker/Scanner: 7.755,54 €.
4. De Gemengerot entscheet, de Kredit betreffend de Bau vun engem neie Gemengenhaus op 1.000.000 € erof ze setzen.
5. De Gemengerot hellt den Devis vun Daedalus Engineering vun Hiefenech fir den Ersatz vum Drénkwaassergestiounssystem, an héicht vun 68.346,32 € ouni TVA an erhéicht de betraffene Budgetsartikel em 90.000 €.
6. De Gemengerot stëmmt den Devis iwwer 212.439,42 € ouni TVA fir zwee Busarrêten zu Fëschbech, presentéiert vun INCA – Ingénieurs Conseils Associés vu Nidderanven.
7. De Gemengerot stëmmt mat 5 Stëmmen géint 2 an 1 Enthalung den Devis vun 10.393.162,40 € ouni TVA fir de Bau vun engem neie Gemengenhaus zu Fëschbech, presentéiert vum Architektebüro COEBA vu Bäreldeng.
8. De Gemengerot passt den ordinäre Budget un mat:

   - 76.070 € un zousätzlech Recetten an
   - 203.900 € un zousätzlech Käschten.

GEMENG

5

# Séance publique du conseil communal du 27 octobre 2023

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre;
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins;
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel,
SCHILTZ Laurent – conseillers;

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prise à l'unanimité.

1. Suite à la présentation du rapport annuel « pacte climat », le Conseil le ratifie
2. Suite à la présentation du plan d'action locale logement, le Conseil décide de demander la prorogation de la convention initiale Pacte Logement 2.0.
3. Le Conseil ne s'oppose pas au classement comme patrimoine culturel national d'une ferme de Koedingen pour autant que les propriétaires le soutiennent également.
4. Le Conseil décide de nommer Monsieur Christian Barthel de Schoos délégué auprès de l'Office social régional de Larochette.
5. En vue du financement de l'extension du crématorium de Luxembourg, le Conseil décide de consentir à ce que le Syndicat intercommunal pour la construction et l'exploitation d'un crématoire puisse recourir à hauteur de 2.450.000 € de ses réserves et d'inscrire au budget un apport en capital de 9.957,42 € pour l'exercice 2023 et de 6.565,33 € pour l'exercice 2024.
6. Le conseil renonce à l'exercice du droit de préemption concernant une parcelle sise à Fischbach, rue du Berger.
7. Le conseil approuve le devis de 25.000 € relatif à l'acquisition d'une cisaille coupe-haie.
8. Des titres de recettes d'un montant total de 6.793,93 € sont approuvés.
9. Vu le devis estimatif pour stabiliser la corniche de l'église de Fischbach, tombée en décrépitude et risquant d'endommager les tombes jouxtant l'église voire des visiteurs du cimetière en la période de la Toussaint, le conseil approuve un crédit supplémentaire de 12.000 €.

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl.

1. Nodeems den alljährlechen „Klimapakt"-Rapport virgestallt gouf, gëtt e vum Gemengerot ratifizéiert.
2. No der Presentatioun vum lokalen Aktiounsplang Logement, entscheet de Gemengerot d'Verlängerung vum initialen Accord Pacte Logement 2.0 ze froen.
3. De Gemengerot huet näischt dogéint dass e Bauerenhaff zu Kéideng als nationale Patrimoine klasséiert gëtt, falls d'Besëtzer vum Gebai dat och ënnerstëtzen.
4. De Gemengerot entscheet den Här Christian Barthel vu Schous als Delegéierte beim Office social régional an der Fiels ze ernennen.
5. Fir kënnen de Krematorium vu Lëtzebuerg ze vergréisseren entscheet de Gemengerot dass de SICEC op 2.450.000 € vu senge Reserven zréckgräifen dierf a gesäit des Weideren Kapitalerhéijungen vu 9.957,42 € am Joer 2023 an 6.565,33 € am Joer 2024 vir.
6. De Gemengerot verzicht op d'Ausübe vum Virkafsrecht betreffend en Terrain zu Fëschbach, rue du Berger.
7. De Gemengerot heescht en Devis vum techneschem Déngscht gutt fir 25.000 € en Heckeschneider unzeschafen.
8. De Gemengerot genehmegt Einnamen iwwert 6.793,93 €.
9. Wéinst engem d'Devis fir d'Corniche vun der Fëschber Kierch ze stabiliséieren, déi beschiedegt ass a riskéiert op d'Griewer, déi un d'Kierch grenzen an esouguer op d'Léit déi de Kierfecht op Allerhellgen besichen ze falen, stëmmt de Schäfferot en zousätzleche Kredit vun 12.000 €.





# Avis de fin d'année



Mat der Approche vum Wanter, wëlle mir Iech matdeelen, dass, konform zu de Bestëmmunge vum Code Civil*, d'Awunner gehale sinn um Trottoir virun hirem Terrain Schnéi oder Äis ze raumen, fir esou méiglech Accidenter ze verhënneren. Am Fall vun Net-Anhale vun däser Dispositioun ass d'Responsabilitéit vum Awunner engagéiert.

*A l'approche de la saison hivernale, nous tenons à vous signaler que, conformément aux dispositions du Code civil*, les riverains sont tenus de déblayer le trottoir devant leur propriété de la neige ou du verglas, ceci afin d'éviter tout accident pouvant survenir. En cas de non-respect de la présente disposition nous vous signalons que la responsabilité du riverain est engagée.*

** article 1384, al. 1er du Code civil*



D'Gemengereglement betreffend den Schutz virum Kaméidi seet am Artikel 8 dat, um Gebitt vun der Gemeng Fëschbech, de Gebrauch vun Knupperten, Feierwierkskierper an aner explosiven Objeten innerhalb an och an enger Distanz vun manner wéi 100 Meter vun den Uertschaften verbueden ass. De Buergermeeschter ass net gewëllt Ausnamen fir d'Silvesternuecht 2022 ze genehmegen.

*Le règlement communal relatif à la protection contre le bruit stipule dans son article 8 que, sur le territoire de la commune de Fischbach, il est défendu de faire usage de pétards, de feux d'artifices et d'autres objets détonants similaires à l'intérieur ainsi qu'à une distance inférieure de 100 mètres de l'agglomération. Le bourgmestre n'est pas disposé à donner des autorisations dérogeant à ce principe pour le nuit de St. Sylvestre 2022.*

***Wéinst de Feierlechkeeten um Ënn vum Joer wäerten d'Büroen vun der Gemeng op de Feierdeeg zou sinn.***

***En raison des fêtes de fin d'année les bureaux de l'administration communale resteront fermés les jours fériés officiels.***






## Motorseecours

**4.3.**
**8:30 - 16:30**
**Marscherwald**

CNFPC

**Präis: 75 € - ab 18 Joer**



## Kraiderwanderung & Verköstegung

**29.4.**
**14:00 - 16:30**
**Beefort**

mam Viviane Haupert

**Präis: 30 € - Kanner bis 12 Joer gratis**



## Dréppendegustatioun

**28.4.**
**19:00 - 21:30**
**Angelsbierg**

mam Dréppesommelier Paul Thill
an der Distillerie Angsber Drépp

**Präis: 42 € - ab 18 Joer**



## Wäindegustatioun am Wéngert

**4.6.**
**15:00 - 17:00**
**Rouspert Geosite Hëlt**

mam Biowënzer Luc Roeder

**Präis: 5 € - ab 18 Joer**

Wéi kann een d'Feierdeeg méi nohalteg gestalten?



Schenkt äre Léifsten Zäit zesummen an entdeckt wat een alles am Mëllerdall maache kann - mat engem Bong vum Natur- & Geopark!!

*Umeldungen:*

@ info@naturpark-mellerdall.lu
+352 26 87 82 91

*Weider Infos:*

www.naturpark-mellerdall.lu
facebook.com/naturparkmellerdall

**En 2023, la commune de Fischbach engagera des étudiants pendant les vacances d'été.**

**<u>Au maximum 6 étudiants seront engagés</u> dans une des 3 périodes suivantes:**

- du 17 juillet au 4 août inclus ou
- du 7 août au 25 août inclus ou
- du 28 août au 8 septembre inclus (uniquement 2 semaines).

Les détails concernant les conditions à remplir et les pièces à l'appui à présenter sont à consulter sur ***www.acfischbach.lu.***

Les demandes complètes sont à remettre à l'administration communale de Fischbach au plus tard le 24 février 2023 à 11:30. Tout dossier incomplet sera refusé et toute demande reçue après cette date, ne sera plus considérée.

Si le nombre des candidatures reçues, dépasse 2 candidat(e)s par période, le collège échevinal procèdera au tirage au sort.

# Faire des économies d'énergie, c'est facile

Économiser de l'énergie, c'est participer à un effort collectif national. Dans un contexte géopolitique tendu, c'est à nous tous d'agir. Grâce à Enovos et son programme d'efficacité énergétique enoprimes, nous mettons gratuitement à la disposition de tous nos concitoyens des kits d'économie d'énergie.

En effet, Enovos, avec son programme d'efficacité énergétique enoprimes, est partenaire de notre commune pour vous aider à économiser de l'énergie:

**venez vite chercher votre kit d'économie d'énergie** à l'Administration communale du 6 février au 31 mars 2023 ! Grâce à ce kit, vous pourrez économiser jusqu'à 59 m3 d'eau, 3 706 kWh de consommation d'énergie et 329 kg de CO2 chaque année (ce qui correspond à une consommation moyenne d'un foyer de 4 personnes). Ci-joint vous trouvez **un bon pour votre kit d'économie d'énergie.** Remplissez-le, venez chercher votre kit et économisez de l'énergie.

Vous souhaitez économiser encore plus d'énergie ? Renseignez-vous sur enoprimes, un programme qui vous soutient financièrement dans vos travaux de rénovation (enoprimes.lu). Et grâce aux conseils d'Enovos, nous avons tous le pouvoir de faire des économies d'énergie. Rejoignez le mouvement sur lets-save-energy.lu

# *Energiesparen leicht gemacht*

Energie zu sparen bedeutet, an einer gemeinsamen nationalen Mission mitzuwirken. Angesichts der angespannten geopolitischen Lage ist Handeln von uns allen gefragt. Dank Enovos und seinem Energieeffizienzprogramm enoprimes stellen wir allen Bürgern unserer Gemeinde gratis Energiespar-Sets zur Verfügung.

Enovos und enoprimes sind Partner unserer Gemeinde, um Ihnen beim Energiesparen zu helfen:

**Kommen Sie Ihr Energiespar-Set** bei der Gemeindeverwaltung vom 6. Februar bis zum 31 März 2023 abholen! Mit diesem Set können Sie jährlich bis zu 59 m3 Wasser, 3.706 kWh Energieverbrauch und 329 kg CO2 sparen (entspricht dem durchschnittlichen Verbrauch eines 4-Personen-Haushalts). Anbei finden Sie **ein Formular zur Abholung Ihres Energiespar-Sets.** Füllen Sie dieses aus, holen Sie sich Ihr Set ab und sparen Sie Energie.

Sie möchten noch mehr Energie sparen? Informieren Sie sich über enoprimes, ein Programm, das Sie finanziell bei Ihren Renovierungsarbeiten unterstützt (enoprimes.lu). Und dank der Tipps von Enovos kann Jeder auch mit kleinen Handgriffen Energie sparen. Machen Sie mit auf lets-save-energy.lu



# ÉCONOMIES D'ÉNERGIE: NOTRE COMMUNE PARTICIPE !




## UN KIT D'ÉCONOMIE D'ÉNERGIE GRATUIT VOUS ATTEND EN ÉCHANGE DE CE BON: VENEZ VITE LE CHERCHER !

Enovos, avec son programme d'efficacité énergétique enoprimes, est partenaire de notre commune pour vous aider à économiser de l'énergie.

Grâce à ce kit, vous pourrez économiser: jusqu'à 59 m³ d'eau, 3 706 kWh de consommation d'énergie et 329 kg de $CO_2$ chaque année*.

**LE KIT D'ÉCONOMIE D'ÉNERGIE COMPREND:**

- Deux aérateurs pour robinet
- Un régulateur de débit de douche
- Un sac débitmètre
- Un sablier de douche
- Trois ampoules de type LED
- Un thermomètre d'ambiance
- Un rouleau de joint isolant pour portes et fenêtres
- Un bas de porte adhésif

Rendez-vous à l'Administration Communale de Fischbach avec ce bon du 06/02 au 31/03/2023.

**Adresse:** 1, rue de l'Eglise, L-7430 Fischbach
**Heures d'ouverture:** Jeudi 8:30-11:30 sans rendez-vous, les autres jours uniquement sur rendez-vous de 8:30-11:30

Nom/Prénom ______________________

Adresse ______________________

SIGNATURE

On a tous le pouvoir de faire des économies d'énergie.
**Rejoignez le mouvement: lets-save-energy.lu**

**enoprimes** un programme qui vous soutient financièrement dans vos travaux de rénovation: **enoprimes.lu**

En signant ce formulaire, le bénéficiaire du kit reconnaît le rôle actif et incitatif d'Enovos Luxembourg S.A. à économiser de l'énergie. Le Bénéficiaire accepte de transférer le droit de comptabiliser les économies d'énergie réalisées dans le cadre de cette opération à Enovos Luxembourg S.A. et s'engage à ne pas transférer par la suite les mêmes économies d'énergie à un tiers.
Ce kit fait l'objet d'un financement par Enovos Luxembourg S.A. dans le cadre du mécanisme d'obligations en matière d'efficacité énergétique. Un kit par foyer situé au Grand-Duché du Luxembourg, dans la limite des stocks disponibles à la commune participante. Seuls les bons originaux dûment complétés et signés seront acceptés. La politique de confidentialité sur enoprimes.lu s'applique. *Correspond à une consommation moyenne d'un foyer de 4 personnes.

zesumme spueren
ZESUMMENHALEN

enovos

# ENERGIESPAREN:
# UNSERE GEMEINDE MACHT MIT!




## EIN GRATIS ENERGIESPAR-SET ERWARTET SIE IM TAUSCH GEGEN DIESES FORMULAR: KOMMEN SIE IHR ENERGIESPAR-SET ABHOLEN!

Enovos ist mit seinem Energieeffizienzprogramm enoprimes Partner unserer Gemeinde, um Ihnen beim Energiesparen zu helfen.

Mit diesem Set können Sie jährlich bis zu 59 m³ Wasser, 3.706 kWh Energieverbrauch und 329 kg $CO_2$ sparen*.

**DAS ENERGIESPAR-SET BEINHALTET:**

- Zwei Perlatoren/Wassersparstrahler für Wasserhähne
- Einen Durchflussregler für die Dusche
- Einen Durchflussmesser (Beutel)
- Eine Sanduhr für die Dusche
- Drei LED-Lampen
- Ein Raumthermometer
- Eine Rolle Isolierdichtung für Türen und Fenster
- Eine selbstklebende Türdichtung

Abzuholen bei der Administration Communale de Fischbach mit diesem Formular vom 06.02. bis zum 31.03.2023.

**Adresse:** 1, rue de l'Eglise, L-7430 Fischbach
**Öffnungszeiten:** Donnerstag 8:30-11:30 ohne Terminvereinbarung, an den anderen Tagen nur nach Terminvereinbarung von 8:30-11:30

Name/Vorname ______________________

Adresse ______________________

______________________

UNTERSCHRIFT

Jeder von uns kann Energie sparen.
**Machen Sie mit: lets-save-energy.lu**

**enoprimes** ein Programm, das Sie finanziell bei Ihren Renovierungsarbeiten unterstützt: **enoprimes.lu**

Mit der Unterzeichnung dieses Formulars erkennt der Empfänger des Sets die aktive Rolle von Enovos Luxembourg S.A. im Sinne des Energiesparens an. Der Empfänger erklärt sich damit einverstanden, das Recht, die im Rahmen dieses Vorgangs erzielten Energieeinsparungen zu verbuchen, an Enovos Luxembourg S.A. zu übertragen. Er verpflichtet sich, zudem dieselben Energieeinsparungen zu keinem späteren Zeitpunkt an eine dritte Partei weiterzugeben. Dieses Set wird durch Enovos Luxembourg S.A. im Rahmen des Mechanismus der Energieeffizienzverpflichtungen finanziert. Ein Set pro Haushalt im Großherzogtum Luxemburg, solange der Vorrat in der teilnehmenden Gemeinde reicht. Es werden nur vollständig ausgefüllte und unterschriebene Formulare akzeptiert. Es gilt die Datenschutzpolitik auf enoprimes.lu. *Entspricht dem durchschnittlichen Verbrauch eines 4-Personen-Haushalts.

zesumme spueren
**ZESUMMENHALEN**

enovos

Naturpark Mëllerdall Geopark

unesco Global Geopark



## Natura 2000 verbindet

Anreicherung der offenen Landschaft mit Strukturelementen, wie Streuobstwiesen (lux.: Bongerten), Baumreihen oder Solitärbäume, Hecken, Blühstreifen, Lesesteinhaufen oder Nistkästen.

Enrichissement du paysage ouvert avec des éléments structurels, tels que des prés-vergers (lux. : Bongerten), des rangées d'arbres ou des arbres solitaires, des haies, des bandes fleuries, des murgiers ou des nichoirs.



kacom.lu | Fotos: Caroline Martin, Claude Bosseler, NGPM

**Besitzen Sie landwirtschaftlich genutzte Flächen in der Gemeinde und möchten Sie diese mit Strukturelementen aufwerten?**

Dann melden Sie sich unter **jill.lucas@naturpark-mellerdall.lu** oder unter **26 87 82 91-36**.

**Vous possédez des surfaces agricoles dans la commune et vous souhaitez les valoriser avec des éléments structurels ?**

Dans ce cas, contactez-nous à l'adresse **jill.lucas@naturpark-mellerdall.lu** ou au **26 87 82 91-36**.

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

**www.geopark-mellerdall.lu**

naturparkmellerdall | naturpark.lu | Naturparke Luxemburg




# STOP!

**D'Spillplaatzen, d'Grénganlagen an all déi aner öffentlech Plaatzen si keng Hondstoiletten!**

Haalt eis Dierfer propper a git Uecht wou ären Mupp säi Geschäft hannerléist. Vergiesst net d'Hondstuten ze benotzen, déi dir gratis kënnt op der Gemeng ewech huelen.

***Les aires de jeux, les ilots verts et les places publiques ne sont pas des toilettes pour chiens!***

*Afin de tenir nos villages propres, nous vous prions de faire attention où votre chien se soulage et n'oubliez pas d'utiliser les sachets spéciaux qui peuvent être enlevés gratuitement à la maison communale.*







**Eltereschoul J. Korczak**
**Tél. 59 59 59 59**
**mail: elterechoul@kannerschlass.lu**

## Non, non! Je ne veux pas! La phase d'opposition chez les jeunes enfants



Unsplash Mick Haupt

**DATE :** jeudi, le 9 février 2023

**HORAIRE :** 19h00-20h30

**LIEU :** Veräinshaus : 7, op der Héicht L-7475 Schoos

**LANGUE :** française

**INSCRIPTIONS :** jusqu'au vendredi, 27 janvier 2023 à l'adresse mail suivante : relais.schoos@croix-rouge.lu

Places limitées à 30 personnes.

**Non, non! Je ne veux pas! La phase d'opposition chez les jeunes enfants**

La phase d'opposition est souvent très fatigante pour les parents ou les éducateurs. Est-ce que je réagis correctement ? Est-ce normal ou pas ? Quels sont les besoins de nos enfants dans cette phase si importante de leur vie et comment leur et nous venir en aide ?

**Nee, Nee! Ech wëll net! D'Trotzphas bei de klenge Kanner**

D'Trotzphas ass fir vill Elteren oder Erzéier immens ustrengend. Reagéieren ech richteg? Wat ass normal a wat net? Wat brauchen eis Kanner genee an dëser wichteger Phas vun hirem Liewen, a wéi kënne mir hinnen an eis am einfachsten hëllefen?

**Intervenante:** NILLES Véronique, éducatrice graduée

***Eltereschoul J. Korczak en collaboration avec la crèche "Am Kuebenascht" et la Commune de Fischbach.***

# Réalisatiounen an der Gemeng Fëschbech

*Jugendhaus*











*Renovatiouns-arbechten un der aler Molkerei zu Schous*









*Spillplatz Phase 1 an nei LED-Luuten an der Schoul*









GEMENG

*Urgent Sécherheetsaarbechten un der Fëschber Kierch*





# FILANO - Merci Georges a Sam !

01.10.2022

**Den 1. Oktober hat de Büro vum FILANO Sportsyndikat seng Membere vum Comité grad wéi all Mataarbechter an natierlech déi zwee fréier Conciergë vun der FILANO Sportshaal, Georges Brosius a Sam Peters op de Beelenhaff „bei den Zwillingen" invitéiert.**

De Georges an de Sam krute bei der Geleeënheet Merci gesot fir hir Déngschter wärend hirer Amtszäit beim FILANO.

Wärend de Sam, dee leider deen Owend verhënnert war, eng relativ kuerz Amtszäit beim FILANO hat (September 2019 bis Februar 2021) kann de Georges sengersäits op eng ganz Rëtsch Joren zeréckkucken. Hien huet am Abrëll 2001 am FILANO ugefaangen an de 4. Oktober 2020 huet hien offiziell seng wuelverdéngte Pensioun ugetrueden.

Am Numm vum FILANO, awer och am Numm vun alle Schoulkanner déi an deene Joren an eiser Sportshal geturnt hunn, am Numm vun all dem Léierpersonal a vun alle Veräiner huet de President Fränk Daems e puer Wierder un de Georges geriicht an him speziell e grousse Merci fir seng trei a wäertvoll Déngschter ausgeschwat.

Uschléissend kruut de Georges vun der Fielser Buergermeeschtesch Natalie Silva eng kleng Corbeille vun „Déi gutt Dräps" vu Fëschbech iwwerreecht, fir him seng Pensioun nach e wéineg ze versëissen.

*Fränk DAEMS*
*President FILANO*









# Visitt vum Chantier vum Wunn- a Fleegeheem „Beim Goldknapp" zu Ierpeldeng un der Sauer

21.09.2022 **FËSCHBECH**

**D'Gemeng Fëschbech krut als eng vun 33 Gemengen e prioitäert Admissiounsrecht fir ee Bett am Kader vun der Extension vum Wunn- a Fleegheem „Beim Goldknapp" zougesprach.**

Den 21. September 2022, um Welt-Alzheimerdag, waren d'Vertrieder vun de respektive Membergemenge vun der ALA (Association Luxembourg Alzheimer) invitéiert ginn, fir sech an der Commission de surveillance zesummenzefannen, a fir de Site an d'Konzept vum Haus virgestallt ze kréien.

Als Vertrieder vun der Gemeng Fëschbech waren de Luss Brosius (Remplaçant) an den Dan Moura (Haaptvertrieder) um Rendez-vous, fir sech e Bild op der Plaz ze maachen. D'Enn vun den Aarbechten an dem neie Fligel ass fir ugangs 2023 virgesinn.

Weider Informatiounen - Broschüren - fannt dir op der Gemeng, esouwéi iwwert e Link um Internetsite vun der Gemeng Fëschbech www.acfischbach.lu ënnert der Rubrik „Résidents" - „INFO TROISIÈME ÂGE".

*Dan MOURA*








# Nationalen Dag vun der Commémoratioun

## 16.10.2022 FËSCHBECH

**Mir dierfen net vergiessen!**
**Am Kader vun der Journée de la Commémoration Nationale huet och dëst Joer d' Fëschber Gemeng zesumme mam Deche Felix Steichen de 16. Oktober 2022 eng Gedenkmass an der Fëschber Kierch mat uschléissender ziviller Gedenkminutt mat enger Ried vum Buergermeeschter Fränk Daems beim Monument ofgehalen.**



Mat dem Kuerzfilm „Régine" vun de Mierscher Geschichtsfrënn an Zesummenaarbecht mat dem Mierscher Grupp Saint-Michel vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten, louch de Fokus dëst Joer op Evenementer déi 80 Joer zeréck leie mee déi mir net dierfe vergiessen. D'Zwangsrekrutéierung 1942 an de Reichsarbeitsdienst hu vill Affer bruecht. An Zäite wou de Krich nees esou no um europäesche Kontinent ass, ass et ëmsou méi wichteg un déi däischter Zäiten ze erënnere fir dass dës sech net widderhuelen.

*Sven BETTENDORF*



# *Régine Garçon* Eleng an der Friemd

**Duerch e Gesetz vum 26. Juni 1935 gouf de Reichsarbeitsdienst (RAD) fir jonk Leit tëschent 18 an 25 Joer am däitsche Räich agefouert. De Konstantin Hierl huet den RAD gegrënnt a geformt. Eng vu sengen Iddien war dat dëst „Arbeitsdienst-Erlebnis" de jonke Leit vermëttele sollt datt „Arbeit nicht nur ein Mittel des Gelderwerbes ist, sondern eine sittliche und religiöse Pflicht, die dem Leben erst Inhalt und Würde verleiht. Darum sollte die Jugend durch den Arbeitsdienst vor allem zur Achtung vor der Handarbeit erzogen werden." Wéi d'Nationalsozialisten am Mee 1940 eist Land besat hunn, ass den RAD duerch eng Veruerdnung vum 23. Mee 1941 och fir all jonk Lëtzebuergerinnen a Lëtzebuerger agefouert ginn.**

D'Régine Garçon kënnt den 13. Mäerz 1924 als eelste Kand vum Jean-Pierre Garçon a vum Agnes Maurer zu Schieren op d'Welt. Méi spéit plënnert d'Famill op Biereng bei Miersch an t'Haus Nummer 56. Deemools goufen et nach net vill Stroossennimm an dem klengen Dierfchen.

D'Régine ass dat eelst vun 8 Kanner, 6 Meederchen an zwee Jongen. Déi ganz Famill Garçon ass direkt am Ufank vum Zweete Weltkrich nazifeindlech agestallt a si maachen aus hirer Ofneigung zum Okkupant net den geréngsten Heel. Hir Noperen a besonnesch eng Nopesch waren besonnesch däitschfrëndlech agestallt an hunn hir Gesënnung och net verstoppt. Et waren Opportunisten déi op eemol eng Chance gesinn hunn an dem neien preiseschen Regime endlech och eng Roll kënnen ze spillen.

De 25. Mee 1942 féiert d'Nopesch zu Miersch op der Gendarmerie Plainte géint d'Famill Garçon a besonnesch géint d'Régine. Mä och géint de Jan Czerwinski, dem Régine säin Verloobten. D'Nopesch trëfft dobäi op ee lëtzebuergesche Gendaarm den hei zu Miersch stationéiert ass, den zimmlech schëtzeg Karriär gemaach huet an den de Preisen hir Virschrëften à la lettre ëmsetzt. Hien schreift a sengem Rapport dat et sech bei der Famill Garçon-Maurer em een „deutschfeindlichen Herd" handelt. Méi spéit schreift en vun engem „Unruheherd". Géint d'Famill misst onbedéngt eng Strof ausgeschwat ginn, zemools well äifreg Parteigänger hei géifen beleidegt ginn. Deeselweschten Dag féiert d'Nopesch nach eng weider Plainte géint dräi Jongen aus dem Duerf, déi angeblech ee Naziplakat vun iergendwou erofgerappt sollen hunn.


Des Menschen Tage gleichen den Blumen des Feldes, ein Wind fährt über sie und sie sind nicht mehr.

Zum frommen Andenken
an unsere innigstgeliebte Tochter, Schwester, Enkelin, Nichte, Kusine und Verlobte

Regine Garçon

geboren zu Schieren, am 13. März 1924, gestorben zu Desching (Ingolstadt), am Mittwoch den 12. Januar 1944, im Alter von 20 Jahren.

JESUS! MARIA! JOSEF!

Es ist so hart das Band zu brechen,
Wenn Lieb das Herz umschlungen hält.
Doch, Herr dein Wille geschehe
Tut's auch noch so wehe.

†

Ach, es ist ja kaum zu fassen,
Dass Du nie mehr kehrst zurück,
So früh musst Du uns verlassen,
Zerstört ist unser aller Glück.
Ein jeder, der Dich hat gekannt
Und auch Dein treues Herz,
Der drückt uns nur noch stumm die Hand
In diesem tiefen Schmerz.
Du gutes Herz, ruh' still in Frieden,
Ewig beweint von Deinen Lieben.

Weinet nicht, ihr meine Lieben,
Weil ich nicht mehr bei euch bin,
Gott der Herr im Himmel drüben
Nahm mich liebevoll dahin,
Lebet wohl, gedenket meiner
Wenn die Tage fließen hin,
Kein Tag, nein auch nicht einer,
Flieh, wo ich vergessen bin.

Ablaßgebete:
Mein Jesus, Barmherzigkeit!
Süßes Herz Mariä, sei meine Rettung!

I/0953

Kuerz drop muss d'Régine an den Arbeitsdienst. Wärend sengem forcéierten Déngscht muss d'Régine an de „Kriegshilfsdienst" an eng „Munitionsanstalt" schaffe goen. Éischtens war dat eng geféierlech Aarbecht an zweetens war dat honnerte Kilometer vun doheem ewech. D'Régine huet missten an der „Munitionsanstalt" zu Desching direkt niewent Ingolstadt a Bayern säin Déngscht verriichten. Jonk Fraen aus Familljen, déi oppen hir Antipathie géint déi däitsch Besatzer gewisen hunn, goufen prinzipiell wäit ewech vun der Heemecht als „Arbeitsmaid" agesat a si hunn dann och nach méi schwéier Aarbechten missten iwwerhuelen, andeems aner jonk Fraen hiren RAD hei am Land konnten leeschten. Déi éischtgenannte Fraen, zu deenen d'Régine zweiwellos gehéiert huet, goufen och zum Deel fir geféierlech Aarbechten a Munitiounsfabricken agesat.

D'Régine erkrankt zu Desching u Scharlach, eng Krankheet fir déi et zwar haut nach ëmmer keen Impfstoff gëtt, awer deemools schonn duerch Penicilin hätt kéinten geheelt ginn. Dat ass beim Régine net geschitt. Et muss een dovun ausgoen dat him déi Hëllef verwiert bliwwen ass, déi esou dringend néideg gewiescht wier. Den 12. Januar 1944 stierft d'Régine am Alter vun nëmmen 19 Joer. Eleng an der Friemd. Fir seng Famill a säin Verloobten, de Jan Czerwinski, brécht eng Welt zesummen.

D'Régine konnt nees zréck an d'Heemecht rapatriéiert ginn. An engem Sarg aus Zënn. Ronn eng Woch méi spéit, den 20. Januar 1944, fënnt d'Régine zu Miersch um Kierfecht seng leschte Rou. Deeselweschten Dag gouf och eng Mass zu Biereng an der Kapell fir hatt gehal.

No enger detailléierter Enquête ënnert der Féierung vum Inneministère kritt d'Régine dann am Joer 1962 den titre honorifique „Mort pour la Patrie" zouerkannt. Bei dësen Recherchen ass och rauskomm, dat déi 19 Joer jonk Fra „wegen mangelnder Pflege" u Scharlach gestuerwen ass.

D'Famill Garçon-Maurer plënnert nach wärend dem Krich op Schous bei Fëschbech.

Nom Régine sengem schicksalhaften Doud, bestuet de Jan d'Suzanne Garçon, dem Régine seng Schwëster. Si hu sech den 20. September 1945 zu Miersch op der Gemeng d'Jo-Wuert ginn a sinn duerno houfreg Eltere vun dräi Kanner ginn. Ir déi zwee sech awer mateneen bestuet hunn, hat dem Suzanne seng Mamm der jonker Koppel nach ee Wonsch mat op de Wee ginn. An dat war den hei: Sollte si eng Kéier Eltere vun engem Meedchen ginn, dann sollen si et wannechglift op de Numm Régine deefe loossen. An tatsächlech kruten de Jan an d'Suzanne eng Duechter, déi se op de Numm Régine deefe gelooss hunn.

Dem Régine Garçon säin Numm kann een haut nach ëmmer mat 47 anere Nimm um Monument aux Morts virun der Kierch liesen. Wéi sech um Régine senger Geschicht einfach rausfanne léisst, sinn et net nëmmen Nimm déi do a Steen gemeesselt goufen. Et sinn och 48 Schicksaler, 48 Mënschen an 48 Tragedien, déi do um Monument stinn.

*Erny T. KOHN*
*Geschichtsfrënn*
*vun der Gemeng Miersch*

[1] Den Hierl war de Chef vum Reichsarbeitsdienst a Reichsleiter vun der NSDAP an een Gefährte vum Adolf Hitler.
[2] De weiblechen RAD gouf als Ersatz fir feelend, männlech Aarbechtskraaft an der Landwirtschaft an als sougenannten Kriegshilfsdienst (KHD) an de preiseschen Verwaltungen, an der Rëschtungsproduktioun an am ëffentlechen Transport agesat. Am Joer 1939 huet sech d'Déngschtzäit fir jonk Fraen nach op 6 Méint belaf. Dës Zäit gouf awer du schonn oft duerch eng sougenannten „Notdienstverpflichtung" verlängert. Am Juli 1941 gouf hir Déngschtzäit am RAD duerch den Kriegshilfsdienst (KHD) em weider sechs Méint verlängert, am Abrëll 1944 huet se sech em 18 Méint verlängert bis sech am November 1944 schliisslech u guer keng Delaien méi gehale ginn ass. Wärend hirem Arbechtsdéngscht hu souwuel d'Arbeitsmänner wéi och d'Arbeitsmaiden kasernéiert a sougenannte Lageren gelieft.

Quellen:
- Archiv Mierscher Geschichtsfrënn
- Lis Weber – Reichsarbeitsdienst an Kriegshilfsdienst (Aus dem Buch vun de Mierscher Geschichtsfrënn: Régine – Eleng an der Friemd)
- Lis Weber - Stierfbild vum Régine Garçon
- Daniel Jordao – Eleng an der Friemd (Aus dem Buch vun de Mierscher Geschichtsfrënn: Régine - Eleng an der Friemd)
- Nationalarchiv Lëtzebuerg



GEMENG

# Nationalen Dag vum Bam 2022

**18.11.2022 FËSCHBECH**

**A Präsenz vun der Ierfgroussherzoglecher Koppel mam Prënz Charel, war dëst Joer den Tour un eiser Gemeng fir de Startschoss am Kader vum „Dag vum Bam" fir d'Planzaktiounen vun den Natur- a Geopark Mëllerdall Gemengen ze ginn.**

De Bam vum Joer ass dëst Joer d'Bich (Fagus sylvatica / hêtre / Buche), an daat net ouni Grond. De Gesondheetszoustand vun eise Bichebëscher ass méi wéi alarmant wann een schon alleng weess dass National aktuell just 3,7% vun eise Bichen ouni Schued sinn!

Niewt de Vertrieder vum Emweltministère, der ANF an der Emweltkommissioun aus der Fëschber Gemeng waren och baal all Natur- a Geopark Mëllerdall Gemengen mat hire politeschen Vertrieder präsent.

Per Foußmarsch goung et zu Fëschbech vun der „Keilchen" bis an d'Këderlach wou no der Begréissung vun allen Invitëen e puer Wuert zu der aktueller Situatioun vun eise Bichebëscher gesoot goufen.

Duerno goung et ënner fachmännescher Uleedung vun eisem Fierschter, sengen Aarbechter an eise Gemengenaarbechter mat vill Elan un d'planzen vu 50 Bichen.

No dëser gelongener Planzaktioun wou all Bedeelegt sech gudd geschloen hun, huet d'Gemeng Fëschbech fir d'Mëttesstonn op een Éierwäin an een regionale Wupp vum Grill an den Haff vun der Gemeng invitéiert.

*Fränk DAEMS*
*Buergermeeschter*









| Aktivitéite ronderëm d'Gemeng |

GEMENG















# Fairen a lokale Kaffisbuffet

## Gemeng Fëschbech fir fair a lokal Produkter

23.10.2022 **SCHOUS**

**Nom leschte Kaffisbuffet 2019 an no der Coronapaus konnte mir fir den 23. Oktober 2022 nees ee Buffet mat regional a fair gehandelte Produiten am Veräinshaus op der Héicht organiséieren.**

66 Leit hu sech bei där 8. Editioun getraff. Um Buffet stoungen nieft fair gehandelte Liewensmëttel och zum Beispill Viz, Mëllech, Hunneg an Eeër, déi an der Gemeng produzéiert goufen. Ee grousse Merci un d'Produzenten an un all déi, déi beim Buffet matgehollef hunn.

Notéiert Iech elo w.e.g. schonn den 22. Oktober 2023. Mir wiere frou, iech bei där nächster Editioun vum Kaffisbuffet begréissen ze kënnen.

De Grupp fir lokal a fair gehandelt Produiten vun der Gemeng Fëschbech

*Laurent SCHILTZ*











# Ausfluch mat den Ukrainer aus eiser Gemeng

09.10.2022

Den 9. Oktober haten déi Ukrainesch Matbierger aus eiser Gemeng d'Méiglechkeet un engem flotten Ausfluch deel ze huelen. D'Integratiounskommissioun vun der Fëschber Gemeng hat eng kleng Visitt guidée mam Bus duerch den Norde vu Lëtzebuerg gemaach. Mam Nataliya Tkachenko vun der LUkrain ASBL, hate mer eng Iwwersetzerin déi eis déi flott Informatioune vun eisem Guide op ukrainesch iwwersat huet. Den Tour ass zu Fëschbech lass gaange fir dann duerch Pëtten iwwer Colmer-Bierg bis op Buerschent wou mer dunn op der Buerschter Millen zu Mëtteg giess hunn. No enger gudder Stäerkung an der Brasserie du Vieux Moulin ass et dunn weider gaangen duerch Veianen a Beefort bis mer rëm zu Fëschbech waren. Wéi een op de Fotoe ka gesi war d'Begeeschterung bei alle Bedeelegte grouss. Dëse gelongenen Dag huet sécher dozou bäigedroen eisen ukrainesche Frënn eist Ländchen e bëssi méi no ze bréngen.

*Patrick GROTZ*





*On October 9, the fellow Ukrainians from our community had the opportunity to take part in a nice excursion. The integration committee of the Fischbach municipality had a small guided tour by bus through the north of Luxembourg. With Nataliya Tkachenko from LUkrain ASBL, we had a translator who translated the great information from our guide into Ukrainian. The tour started in Fischbach and then through Pettingen via Colmar-Berg to Bouerscheid where we then had lunch. After a good refreshment in the Brasserie du Vieux Moulin, we continued through Vianden and Beaufort until we were back in Fischbach. As you can see in the photos, everyone involved was very enthusiastic. This successful day certainly contributed to bringing our Ukrainian friends a little closer to our country.*

9 жовтня земляки нашої громади мали змогу взяти участь у гарній екскурсії. Інтеграційний комітет муніципалітету Фішбах провів невелику автобусну екскурсію північчю Люксембургу. З Наталією Ткаченко з LUkrain ASBL у нас був перекладач, який перекладав чудову інформацію з нашого путівника українською мовою. Подорож розпочалася у Фішбаху, а потім через Петтінген через Кольмар-Берг до Буершайда, де ми пообідали. Після гарного підкріплення в Brasserie du Vieux Moulin ми продовжили шлях через Віанден і Бофорт, поки не повернулися у Фішбах. Як ви бачите на фотографіях, усі учасники були дуже захоплені. Цей успішний день, безумовно, посприяв тому, щоб наші українські друзі стали трішки ближчими до нашої країни.



GEMENG

# Adventsfënster

**Kultur- a Veräinskommissioun**





2022 ass eis Aktioun nees e grousse Succès, och wann net all Fënster besat war, waren se alleguer flott, déi Stëll ewéi déi Aktiv. Leider hu mer bis Redaktiounschluss net all d'Fënstere kënnen an Blat sëtzen. De Rescht wäert dir awer um Internetsite vun der Gemeng kenne kucke goen.











GEMENG















9


10
10






11






12
12




Man sieht nur mit dem Herzen gut. Das Wesentliche ist für die Augen unsichtbar.

| Aktivitéite ronderëm d'Gemeng |

# Schleefen mam Päerd

**Am Fëschber Gemengebësch schleefe mer all Joer an där enger oder anerer Parzell d'Holz mam Päerd, wann d'Dimensioun vum Holz dat zouléisst. Dëst Joer hu mer elo an der Parzell 18 am Wellemsthaelchen en Ahorn-Bestand duerchforst.**

De Benoît Mathay huet sech där Saach mat sengem Päerd, dem Gamin, ugeholl. De Gamin ass elo 13 Joer al, a weit ongeféier 750 kg. Am Prinzip kann e Päerd souvill Gewiicht un Holz zéie wéi et selwer weit, dat heescht an dësem Fall also ongeféier eng ¾ Tonn. Dat geet awer nëmme wann d'Konditiounen ideal sinn (et duerf net biergop goen, et duerf net zevill Ennerwues an Äscht am Bestand dra leien asw). Besser ass et awer d'Päerd net u senger Belaaschtungsgrenz schaffen ze loossen, soss packt et den normalerweis 7 Stonnendag net, an di héich Belaaschtung ass och net gutt fir d'Gelenker.

Virwat schleefe mer mam Päerd? E Päerd ass natierlech vill méi wenneg wéi eng grouss Maschinn. E Päerd ass och vill méi liicht wéi eng Maschinn, an doduerch hu mer manner Buedemverdichtung, doduerch kann d'Päerd vun de Schneisen, déi fir de Schleeftrakter virgesinn a gezeechent sinn, erofgoen well et jo méi no bei de Bam muss fir en unzekrämpen. Punkto Emweltschutz mécht e Päerd natierlech souzesoe kee Kaméidi, an et entsti keng Ofgasen duerch d'Verbrennen vu fossilen Brennstoffer. Wann de Schleefert gutt oppasst, ass d'Gefor fir déi Beem di am Bestand stoe bleiwen, méi niddreg fir beschiedegt ze ginn. En Nodeel fir mam Päerd ze schleefen ass, datt et méi deier gëtt wéi mat der Maschinn. Ma mëttlerweilen ginn héich Subsidien ausbezuelt wann ee mam Päerd schleeft fir dat ze kompenséieren. E Päerd packt natierlech nëmmen eng begrenzten Déckt vu Beem fir ze schleefen. Ma wa mam Päerd geschleeft gëtt, entsteet och e positiven Androck bei de Leit wa mer am Bësch schaffen an Holz haen.

Den 16. November 2022 woren d'Sarah Kolber & d'Katia Carvalho matt hierem Cycle 4.2 eis dobai iwer d'Schelleren kucke komm.

*Olivier MOLITOR*









GEMENG

# Fondation Lëtzebuerger Blannenvereenegung: Colors of Blindness

## *Eng éischt Quinzaine am Interêt vu blannen- a séibeanträgtegte Mënschen*

**Wéi ergeet et de Blannen, a wat kann ee maache fir hiren Alldag ze erliichteren?**

Fir op dës Froen anzegoen hat d'Fondatioun Lëtzebuerger Blannenvereenegung eng éischte Kéier eng Quinzaine „Colors of Blindness" vum 1ten bis de 15ten Oktober, zesumme mat hire Partner, organiséiert.

Geplangt waren 2 Woche mat Ausstellungen, Konferenzen, Workshoppen an engem Dinner in the Dark souwéi engem Concert de bienfaisance am Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg.

D'Familljeministesch Corinne Cahen huet de 2ten Oktober d'Quinzaine mat hirem Besuch vun der Ausstellung an der Fondatioun zu Rolleng opgemaach.

Eng ganz Rei Aussteller aus dem Beräich Blann oder Séibehënnerung hunn ëmmer Dënschdes a Mëttwochs hir Servicer a Produite gewisen. Mer konnten op sou divers Partner zielen, wéi z.B. Aciah, A.M.V.A., Artha, Biped, Canne Blanche, Ceciaa, Chiens Guides d'Aveugles au Luxembourg, Digital Inclusion, IGEL, Info Handicap souwéi Lux Basse Vision, Dans le Noir, CIPA Blannenheem, BBF (Berodung, Betreiung a Fräizäit), Bieschbecher Atelier, Natur Crèche Bieschbech a Motum – de mobile Fleegedéngscht.

Vum Blannenhond iwwert Séihëllefen, Computerspiller fir Blanner, Hëllefsmëttel fir den Alldag souwéi Services d'accompagnement war alles dobäi.

Déi selwecht Deeg goufe Workshoppe fir Senioren a Jonker organiséiert. Hei konnt eise Service BBF (Berodung, Betreiung a Fräizäit) a verschiddene Ateliere weise mat wéi enge Schwieregkeete blann Persounen am Alldag konfrontéiert sinn, a wéi eng Léisungen d'Fondatioun an seng Partner fir dës Matbierger bereetstellt. Als Beispill kruten d'Leit am Workshop d'Brailleschrëft kuerz erkläert, a konnte selwer eenzel Wieder am Braille noschreiwen. Duerno gouf et ee klengen Tour mam Blannenhond, eng Aféierung a Guidagetechnike fir blann Leit, a schlussendlech e Parcours mat eisen exklusiven Triobiken, wou 2 Persoune vir Platz dra fannen.

Sécherlech een Highlight: den Dinner in the Dark am grousse Festsall vum CIPA, zesumme mat eisem Partner AMVA.



















36 Gäscht konnten a vollstänneger Däischtert en 3-Gang Menü, präparéiert vun der exzellenter Kichenequipe vun eisem CIPA Blannenheem an zerwéiert vu blanne Serveuren, genéissen. Dëst war nëmmen e klengen, mee liewegen Abléck an d'Welt ouni Luucht wéi se fir eng Rei vun eise Matmënschen leider Alldag ass. Dat ganzt gouf musikalesch vum blanne Museker Jean Ziata begleet. Och RTL Télé war op der Platz an huet ee ganz flotte Reportage iwwert den Dinner in the Dark gedréint.

E weideren Highlight gouf et den 13ten Oktober am Conservatoire an der Stad. Hei hate mer mat der Ënnerstëtzung vun der Stad Lëtzebuerg e Concert de Bienfaisance organiséiert. D'Nastassia Simonnet, eng blann Sopranistin aus Frankräich gouf vum Robert Kania um Clavecin a Piano begleet. Zesummen hunn si duerch e diversifizéierte Programm vu Lidder aus dem 17ten bis eran an d'20t Joerhonnert gefouert. Vum Strauss iwwert de Purcell bis hin zum Bach waren all déi grouss Nimm derbäi.

Ofgeschloss gouf eis éischt Quinzaine mat enger flotter Formatioun mam Thema « La déficience visuelle au quotidien, défis et enjeux ». Hei huet eisen Expert an Direkter vum BBF, den Damien Talbot, mat senger ganzer Kompetenz duerch d'Thema Begleedung am Alldag vu blanne Persoune gefouert. Des Formatioun war gutt besicht, an d'Participanten hunn aus interesséierte Privatpersoune wéi awer och aus Professionellen aus dem Secteur bestanen.

Dës éischt „Colors of Blindness" huet gewisen, dass nach ganz vill Bedarf un Erklärunge ronderëm d'Thema „Déficiences visuelles" besteet, an den Erfolleg vun däser Première huet eis bestäerkt, och déi nächst Joren e Programm op d'Been ze stellen, fir dem Public d'Problematiken, awer och d'Léisunge souwéi d'Associatiounen aus dem Secteur méi no ze bréngen.

En Androck mat méi Fotoen zu der ganzer „Colors of Blindness" fannt dir op der Websäit **https://flb.lu/cob**

Wann dir nach Froen zum Thema Séibeanträchtegungen hutt da kënnt dir Iech gären un d'Fondatioun riichten:

Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung
47, rue de Luxembourg
L-7540 Rollingen
Email: info@flb.lu
Tel: (+352) 32 90 31 -1500

FONDATION LËTZEBUERGER BLANNEVEREENEGUNG

GEMENG

# Aktivitéiten an der Schoul

## Achtsamkeet am Cycle 1

Am Schouljoër 2022/23 mécht de Cycle 1 aus der Angsber Schoul den Achtsamkeets-Coaching vum CDSE. All zwou Woche kënnt d'Joffer Natascha op Besuch a mécht eng Aktivitéit zum Thema Achtsamkeet mat de Kanner. Mee och dotëschent ass d'Achtsamkeet Deel vum Alldag ginn. Zousätzlech gouf de Kanner nach ee flotte Poppentheater zum Thema Gefiller gespillt a si dierfen zweemol un enger Yoga-Stonn deelhuelen.





























# De Cycle 1 geet Grompere rafen

Den 29. September 2022 sinn d'Kanner aus dem Cycle 1 vun der Angsber Schoul mam Bus bei de Bauer Joé op d'Schanz gefuer fir Gromperen ze rafen. Nodeems si fir d'éischt erkläert krute, wéi d'Grompere wuessen, duerfte si duerno selwer mat hiren Eemercher lassleeën. Uschléissend krute si awer och nach déi grouss Maschinne gewisen, mat deenen dat am Alldag gemaach gëtt, an hu flott Spiller ronderëm d'Gromper gemaach. Si haten ee super flotte Moien, a mir soen dem Joé a senger Ekipp ee grousse Merci.



















# Hierscht-Nomëtteg an der Angsber Schoul

Mëttwochs, de 5. Oktober 2022 war et endlech rëm souwäit: d'Kanner aus der Angsber Schoul duerften ee gemeinsamen Nomëtteg zum Thema Hierscht verbréngen. A gemëschte Gruppe vum Précoce bis bei de Cycle 4.2. hu si verschidden Atelieren zum Thema Hierscht gemaach: hei gouf gespillt, gebastelt, gemoolt, gebak a Viz gepresst. Si haten all zesumme vill Spaass, genee sou wéi d'Léierpersonal.









# SCHOULSPORTDAG

Den 30. September 2022 huet de Schoulsportdag vun der Angsber Schoul stattfonnt. An Zesummenaarbecht mat ganz ville Sportveräiner aus der Emgéigend hunn d'Kanner d'Geleeënheet kritt, vill Sportaarten op verschiddene Statioune kennen ze léieren, dëst a gemëschte Gruppen, Cycle 1-2 a Cycle 3-4. An der Paus gouf et e gutt Stéck Uebst, offréiert vu Fruit for School. D'Angsber Schoul seet de Veräiner villmools Merci fir hir Hëllef an hiren Engagement.





























| Angsber Schoul |

# SCHOUL JOER 2022-2023













CYCLE 2.1


CYCLE 2.2








CYCLE 3.1


CYCLE 3.2






| Angsber Schoul |

# Kenneléierowend an der Angsber Schoul

**En Donneschdeg, den 13. Oktober 2022 huet den antëscht scho bal traditionnelle Kenneléier-Owend vun der Angsber Schoul an der Maison Relais „Bei de Kueben“ stattfonnt.**

Kombinéiert gouf dësen Owend mat der Wiel vun de neien Eltrevertrieder an der Generalversammlung vun der Eltrevereenegung. An engem entspaanten a flotte Kader haten d’Eltren d’Geleeënheet, d’Personal vun der Angsber Schoul an der Maison Relais kennen ze léieren a bei enger gudder Zopp, offréiert vun der Maison Relais, an engem Patt, offréiert vun der Gemeng Fëschbech, bëssen zesummen ze poteren.

Mir freeën eis, d’Simone Kieffer als nei Eltrevertriederin begréissen ze dierfen a si frou, dass d’Tania Brosius eis weiderhin erhale bleift. Zousätzlech soe mer dem Pascale Elsen ee ganz grousse Merci, wat säi Posten als Präsidentin vun der Eltrevereenegung no laangjäreger wonnerbarer Aarbecht ofginn huet.











| Angsber Schoul |

# Adventsfënster vun der Schoul









Den 1.12.2022 ass déi éischt Adventsfenster opgaang an zwar déi vun der Angsber Schoul. D'Kanner hunn déi Deeg virdru scho gebak fir Kichelcher a Kuch virzebereeden, déi d'Gäscht bei engem Punsch oder engem Schocki konnte genéissen. Awer och d'Virliese gouf geüübt an d'Kanner aus dem Cycle 4.2 hunn sech richteg gutt druginn fir de Klassiker „Oh Tannenbaum" op der Flütt kënnen ze spillen. Den Owend selwer konnten d'Kanner an d'Léierpersonal ganz vill Leit am Schoulhaff begréissen fir der Geschicht aus dem Billerbuch „Wie weihnachtelt man?" vum Kathrin Schärer a Lorenz Pauli nozelauschteren an déi verschidden Illustratioune vun dëser Geschicht an de Fensteren ze bewonneren. Zum Schluss vun der Geschicht huet de Cycle 4.2 Flütt gespillt an d'Kanner hunn „Oh Tannenbaum" an 3 Sprooche gesong.

Et war wierklech ee gelongenen Owend a falls der e sollt verpasst hunn, d'Geschicht kann ee mat Hëllef vun de QR-Coden, déi an de Fënstere pechen och nach emol lauschteren.





















# Léiwe Kleeschen, gudde Kleeschen... war bis an d'Schoul























# ... an och bis bei déi ganz Kleng









| Maison Relais |







# Aktivitéiten „bei de Kueben“

## Wanterverkaf





**D’Kanner aus der Maison Relais hunn dëst Joer en Wanterverkaf organiséiert. Fir dëse Verkaf ze erméiglechen, hunn d’Kanner sech fläisseg kreativ ausgetoobt.**

Aus Lehm sinn Unhänger fir de Krëschtbeemschen a fir un d’Dier entstanen. Als éischt goufen se geformt, gestempelt an dono glaséiert. Nieft dem Lehm sinn och nach Unhänger aus Streckperlen enstaanen.

Fir déi kal Deeg ze verséissen, hu mir nach ëm déi 250 Wäffelcher gebak.

Ausserdeem hunn d’Kanner Chrëschtdagskaart gebastelt a bemoolt.

D’Kanner waren mat Freed dobäi.

Déi Erléis gëtt opgedeelt, d’Hallschent geet zu Gonschten fiert Kanner vum Foyer d’accueil pour les demandeurs de protection internationale zu Miersch. Mat där aner Hallschent vun de Suen kënnen sech d’Kanner aus der Maison Relais nei Spillsaachen oder Material fir de Grupp aussichen.







# Kunstschmiede-Zauberschmiede



Freides de 25.11.2022 hat een Deel vun der Equipe „bei de Kueben“, d'Chance fir un enger Formatioun zum Thema „Kunstschmiede-Zauberschmiede“ mam Joachim Harbut deel ze huelen. Mir hunn d'Element Feier nei entdeckt - a flott war virun allem dat zum Ofschloss, Kanner an Elteren häerzlech wëllkomm waren a selwer den Zauber an d'Konscht vum Schmadd entdecke konnten.

Dëse „feiregen“ Atelier hat richtege Succès bei Grouss a Kleng. Highlight war sécherlech d'Presentatioun vu ganz ville kreative Konschtwierker, déi deen Dag hiergestallt gi waren.















# Hierschtfest

## Senioreveräin

10.09.2022 SCHOUS



**Den 10. September 2022 hat eisen Senioreveräin aus der Gemeng Fëschbech en Hierschtfest amplaz vum traditionellen Floumaart organiséiert.**

Ronn 100 Leit hu sech déi gekachten Ham mat Speckgromperen an Saubounen gutt schmachen gelooss. Natierlech huet eng Taass Kaffi an e gutt Stéck Taart net gefeelt. E grousse Merci un eis „Helferlein" an natierlech u Jiddereen deen dësen Dag bei eis op d'Héicht koum ass. Bis nächst Joer!

*De Comité*









# Léiffrawëschdag

## ACFL (Fraen a Mammen)

15.08.2022 FËSCHBECH





**Dee klenge Veräin aus eiser Gemeng huet et dëst Joer fir d'20. Kéier fäerdegbruecht, d'Traditioun vum Wësch um 15. August 2022 oprechtzëerhalen.**

(Am 9. Joerhonnert huet kathoulesch Kierch dëse Brauch, wou d'Maria als Symbol gëllt,fir déi heelwierkend Kraaft vu Gott um Mënsch, agefouert.)

A flotter Zesummenaarbecht hu Grouss a Kleng Muerten, Ënnen, Geescht, Huewer, Batteralzem, Peffermënz, Haartnol... zesumme gebonne, an esou konnten si 50 Wëschen an der Mass seene loossen, déi duerno verkaaft gi sinn. Den Erléis vu 555 Euros ass fir ee gudden Zweck gespent ginn.

*Andrée DAEMS*

# Mammen- a Pappendagsfeier

## Senioreverain

06.10.2022 SCHOUS





**Den 6. Oktober 2022 huet eise Veräin Mammen- a Pappendag zesumme gefeiert.Mir konnte ronn 50 Membere begréissen.**

All Mamm an all Papp huet e flotten Kaddo iwwerreecht kritt. Bei engem gudde Stéck Bond, Kaffi a Bréidercher hu mir e puer flott Stonnen „op der Héicht" verbruecht. Bleift gesond bis 2023!

*De Comité*

# Ausfluch op d'Porte Ouverte vum CGDIS

## Amicale Pompjeeën Gemeng Fëschbech

**11.09.2022**

**Am September war d’Amicale vun de Pompjeeën Gemeng Fëschbech nees zesummen mat hire Familljen op de Joeres-ausfluch.**

Dës Kéier ass et mam Zuch a Bus op d’Cloche d’Or an Stad gaangen. Hei war Porte ouverte vum CIS Lëtzebuerg mat der World Rescue Challenge. Eis Memberen konnten sech op ville Stänn an Demonstratiounen alles ronderëm de Rettungsdéngscht ukucken.

*Luss BROSIUS*













| Wat war lass? |















# Journée du Grand-Âge

## Senioreveräin

09.10.2022 **SCHOUS**

**De 9. Oktober 2022 hu mir d'Journée du Grand-Âge gefeiert.Bekanntlech ass den 1.Oktober 2022 den internationalen Dag vum drëtten Alter an natierlech hu mir eis eeler Membere geéiert.**

No der Begréissung duerch d'Presidentin Marie-Louise Haas-Erpelding huet de Restaurant Steinmetz vu Bech eis e gudde Menü servéiert. Mir hunn awer och un eis Verstuerwe geduecht, eis Memberen, an un all déi sënnlos hiert Liewe gelooss hunn duerch Krich, Corona, Hongersnout aesw.

Nom Iessen hunn eise Buergermeeschter Frank Daems an eisen 2.Schäffe Luss Brosius den Jubilaren e flotte Kaddo iwwerreecht:

*Solange nicht der Untergang der Menschheit hundertprozentig feststeht, lohnt es sich, dagegen zu arbeiten.*
***Erich Fried***


**75 Joer:** Daems Marie-Louise, Miny Roland, Thein Ed
**80 Joer:** Feller Alphonse, Hess Louise, Kayl Jacqueline, Merten Marie-Thérèse, Moczkowsky Rode, Weosgerber Jean
**81 Joer:** Braun Alice, Haas John, Johanns Lily, Simon Jeanny, Weisgerber Gerda
**82 Joer:** Kohn Erika, Mertens Francis, Neyen Margot, Sauber Maisy
**83 Joer:** Clemen Norbert, Grün Jean, Kersch Marianne, Thilgen Charles
**84 Joer:** Heirens Margot, Heymanns Josée, Kemp Alfred, Kemp Margerite, Milmeister Marie-Thérèse
**85 Joer:** Kraus Léonie, Welsch Pierrette
**86 Joer:** Ferrari Angèle, Flammang Mariechen, Spiewak Maria
**87 Joer:** Kleyr Ety, Nothum Josette, Weyland Anne, Zenner Jos
**88 Joer:** Heidemann Mathilde, Holz Hélène, Kohl Régine, Kraus Ben
**89 Joer:** Albers Henk, Ernzen Euénie
**90 Joer:** Kaufmann Jean
**91 Joer:** Bisenius Lucie
**92 Joer:** Kemp Jeanne
**93 Joer:** Theisen Amelie






















***Mir wënschen hinnen alles Guddes a bleiwt gesond !***

# ’t ass Kiermesdag

**Chorale Fëschbech - Angelsbierg - Schous** 1.10.2022 / 12.11.2022

**De Gesangsveräi Fëschbech - Angelsbierg - Schous zesumme mat en etleche Schoulkanner huet déi schéin Traditioun vum Hämmelsmarsch fir d'Kiermes ewéi all Joer erëm mat Begeeschterung bäibehalen.**

Schonn um éischte Samschdeg am Oktober hunn d'Sängerinnen a Sänger zu Angelsbierg den Hämmelsmarsch gesongen. Den 12. November 2022 Samschdes moies gouf den Tour zu Fëschbech gemaach, a mëttes war Schous, Kéideng a Weyer un der Rei, an owes krut eis ierfgroussherzoglech Koppel um Schlass och eng schéi Kiermes gewënscht. Gläichzäiteg krut den Ierfgroussherzog Guillaume och e klenge Ständche fir säi Gebuertsdag gesongen.

E grousse Merci alle Leit, déi mat hiren Don'en zum Erhale vun dëser schéiner Traditioun bäidroen; och eise Schoulkanner déi eis begleet hunn, an déi deelweis mat immenser Begeeschterung gesongen a mat guddem Taktgefill déi déck Tromm geschloen hunn, e ganz grousse Merci.

*Claude MALGET*



ANGELSBIERG



FËSCHBECH



SCHOUS



FËSCHBECH BEIM SCHLASS

# Kiermesham

## Amicale Pompjeeën Gemeng Fëschbech

**13.11.2022 SCHOUS**

**No 2 Joer ouni Danzmusek, konnt op der Kiermes 2022 nees vill op d'Musek vum Orchester Haemelmaus gedanzt ginn.**

D'Amicale vun de Pompjeeën hunn eng Ronn 200 Leit op der Héicht mat Ham Fritten an Zalot bekäschtegen. Ganz an der Traditioun vun enger Lëtzebuerger Kiermes! Natierlech huet déi lokal Kiermesdrëpp och net gefeelt!

*Luss BROSIUS*















| Wat war lass? |

# Schluechtfest

## Senioreveräin

**27.11.2022 SCHOUS**

**De 27. November 2022 huet eisen Senioreveräin no 3 Joer „Paus" e grousst Schluechtfest organiséiert.**

Ronn 150 Leit sinn zerwéiert ginn mat Träipen, Rëppchen, Wiirchter-cher, an dat alles mat Speckgrom-peren, Bounen oder Sauermous. E gudde Dessert huet natierlech net gefeelt. E grousse Merci un all déi léif Leit, déi gehollef hunn bei dësen Fest, awer och un eis Membere a Frënn déi derzou bäigedroen dass mir esou e grousse Succès haten. Mir hoffen dass dir och 2023 derbäi kënnt sin,duerfir bleift gesond a bis nächst Joer.

*De Comité*







WAT WAR LASS ?

# Cäciliefeier a Scheckiwerreechung vum Gesangveräin Fëschbech - Angelsbierg - Schous

**04.12.2022 FËSCHBECH**

**De 4. Dezember 2022 huet eise Gesangsveräi Fëschbech - Angelsbierg - Schous d'Fest vu senger Patréinesch, der helleger Cäcilia, gefeiert.**

Bei engem gudde Mëttesdësch gouf och all deene Merci gesot, déi säit laange Joren eis beim Parfest hëllefen, an derzou bäidroen, dass dëst Fest mat groussem Erfolleg iwwert Bün geet.

Dee gréissten Deel vum Erléis vun dësem Fest gouf, wéi et säit Joren Traditioun ass, fir e gudden Zweck agesat.

Esou krut Caritas en Don vun 2.500 Euro fir d'Hëllef an der Ukrain, an en Don vun 1.000 Euro goung un d'Kierchefabrick als Beitrag fir de Loyer vun eise Kierchegebaier wou eise Gesangsveräin säin Deel derzou bäidréit.

*Claude MALGET*








# Wanterfest

**Fëschber Nopeschfest**

**09.12.2022 FËSCHBECH**

**De 9. Dezember 2022 huet Fëschber Nopeschfest ASBL hir 1. Adventsfënster gehat. Wei dir gesitt war et ee gelongen Owend. Ech soe jidderengem Noper Merci vir Participatioun. Mir wënschen iech all schéi Feierdeeg.**

*Tom HEINZ*
























# Mähdreschercross

**04.09.2022 RAMBRUCH**

Och bei der 14 Editioun vum internationale Mähdreschercross kunnten 2 Awunner aus eiser Gemeng sech eng Platz um Podium secheren. De Marc Trausch an der Spezialklass an den Jean-Paul Degraux an der Standardklass.











# Eng Weltmeeschterin vu Schous...

**An eiser Serie iwwert aussergewéinlech Beschäftegungen an Hobbye léiere mir dës Kéier eng Awunnerin vu Schous kennen.**

**D'Aimée Frieden, mam Kënschtlernumm Alana Karah, huet et virgezu verschiddenen Interessen nozegoen, anstatt sech an enger fester 40 Stonnen Ustellung ze engagéieren.**





Et verdéngt säi Liewensënnerhalt als Hondstrainerin, IT- Ugestallten als Iwwersetzerin,an et stécht Tattooen ouni Maschinn (Handpoked Tatoo).

Ausser zu Schous lieft d'Aimée fir de Moment och nach an Holland. Seng grouss Passioun zanter laangem ass et awer Modell ze sinn, an dat esou guer a verschiddene Beräicher. Et huet souwuel als Aktmodell wéi och als Modell fir Moler a Fotografen a Moudendesigner geschafft, mee seng grouss Passioun ass di kreativ Aarbecht mat Bodypaintingartisten.

Duerch familiär Bekanntschaften ass et scho viru gutt 10 Joer zu éischte Kontakter mat där Artistenzeen komm, an d'Aimée war faszinéiert vun där Kënschtlerwelt. Den Akt fir de mënschleche Kierper ze bemolen ass ural, d'Steenzäitmënschen hunn sech géigesäiteg mat Erdfaarwe bemolt. D'Indianer hunn der Kierperbemolung eng grouss Bedeitung zougeuerdent; si huet als Wäertschätzung bannent dem Grupp gegollt an huet iwwert der Persoun hir Verdéngschter bei Krich a Juegd informéiert.

D'Krichsbemolung gouf et nach emmer a gëtt et quasi an allen Kulturen. An eiser westlecher Welt war d'Kierperbemolung virun allem am Zirkus bekannt a verbreet (Clown).

An de 60 er Joren huet sech eng Konschtaart draus entwéckelt.

2001 gouf an Ëisterräich di europäesch Bodypaintvereenegung(ebpa) gegrënnt an 2004 a Word BodyPainting Association (WBA)ëmbenannt.

Um WBF (World Bodypainting Festival) dem gréissten a wichtegsten Evenement an där Konscht weltwäit, gëtt all Joer en Weltmeeschter bestëmmt.

An de vergaangene 6 Joer huet d'Aimée als Modell mat sengem Team 4 mol den Titel a verschiddene Kategorië gewonnen.Dëst Joer war de Wettkampf zu Klagenfurt um Wörthersee an zesumme mam Claudia Kraemer vu Rostock a mam Enrico Lein vu Berlin huet hat den Titel an der héchster Kategorie „World Award Team Show" fun 2019 verteidegt an erem gewonnen.

Dofir hunn di zwee Kënschtler dem Aimée säi plakege Kierper wärend 6 Stonnen (bei 35 Grad Celsius) mat Faarf bemoolt an mat Applikatiounen aus Latex, Silikon a Plastik dekoréiert.

Owes an der Show mat Liicht- an Dampeffekter; Musek an Danz, ass d'Aimée als Roboter mat komplett bemooltem Kierper, handgemaachten 3D Applikatiounen a LED Beliichtungseffekter op engem Hooverboard iwwert d'Bün geschwieft an huet eemoleg an der Geschicht vum Festival zesumme mat sengem Artistenteam de Maximum vun de méigleche Punkten erreecht an deemno de Weltmeeschtertitel gewonnen.

D'Aimée ass faszinéiert vun dëser Kënschtlerwelt.Hat fillt sech immens gutt an der Presenz vun dësen zwee Artisten, de Prozess vum Bemolen an Dekoréiere vum Kierper ass spannend an interessant.

Et entsteet bei all Konschtwierk eng speziell an intim Relatioun mam Artist. D'Aimée als Modell huet doduercher sech a säin Kierper besser kennegeléiert an e ganz déiwe Respekt dofir lues a lues opgebaut.

Hat sicht sech selwer eraus mat wiem vun den Kënschtler et wëll schaffen, well et muss vill Empathie a Vertrauen zwëschen den zwou Partien bestoen, zemools wann een Team esou formidabel Resultater wëll erreechen.



Vill Frëndschaften mat interessanten an immens oppenen Leit sinn op dës Aart a Weis weltwäit entstanen.

2023 ass vlaicht e groussen Festival a Korea. Dem Alana Karah, resp Aimée Frieden, säin grousse Wonsch ass et fir zesummen mat sengem Team dohinner ze reesen an nach eng Kéier ganz uewen um Gewënnerpodest ze stoen.

***...affaire à suivre...***

*Marianne BROSIUS*









**RESULTATER AM IWWERBLÉCK:**

2016 Weltmeeschterin an der Kategorie UV Luucht

2017 Vize Weltmeeschterin Kategorie UV Luucht

2019 Weltmeeschterin an der Kategorie World Award Team Show

2020 Weltmeeschterin Editioun Online

2021 keng Kompetitioun wéinst der Pandemie

2022 Weltmeeschterin an der Kategorie World Award Team Show

Weider Dokumentatioun an Illustratioun fannt Dir hei:

*https://www.facebook.com/alanakarah/videos/634105810417165*

*https://www.youtube.com.watch?v=q-sOlngH114A*

*https://www.youtube.com/watch?v=-UqXKMRMENg*

*https://senjo-color.de/bodypainting-wm-team-claidia-kraemer-und-enrico-lei*

REPORTAGE

# 2023

Schéckt eis är Manifestatioun op:
gemengeblat@acfischbach.lu

## JANUAR

**03** BITZOWEND
*Schous* / ACFL

**07** CHRËSCHTBEEMECHER ASAMMELEN
CDJ Angelsbierg

**10** BITZOWEND
*Schous* / ACFL

**14** GENERALVERSAMMLUNG
*Schous* / Amicale Pompjeeën Fëschbech

**17** BITZOWEND
*Schous* / ACFL

**21/22/27/28** THEATER
*Schous* / Theaterveräin

**24** BITZOWEND
*Schous* / ACFL

## FEBRUAR

**02** LIICHTMESDAG
Schoulkanner

**07** BITZOWEND
*Schous* / ACFL

**10** HIERKENIESSEN
*Schous* / Senioreveräin

**12** KANNERFUESBAL
*Schous* / Amicale Pompjeeën

**14** BITZOWEND
*Schous* / ACFL

**16** FETTEN DONNESCHDEN
Schoulkanner

**17** HEXEBAL
*Schous* / Club des Jeunes

**19** MAM BUS OP DIEKRECHER CAVALCADE
Club des Jeunes

**21** BITZOWEND
*Schous* / ACFL

**25** BUERGBRENNEN
*Fëschbech* / Amicale Maarkollef

**26** BUERGBRENNEN
*Angelsbierg* / Club des Jeunes

BUERGBRENNEN
*Schous* / Wiichtelcher

**28** BITZOWEND
*Schous* / ACFL

## MÄERZ

**07** BITZOWEND
*Schous* / ACFL

**12** GENERALVERSAMMLUNG
*Schous* / Senioreveräin

**14** BITZOWEND
*Schous* / ACFL

**19** CHOUCROUTE GARNIE
*Schous* / Senioreveräin

**21** BITZOWEND
*Schous* / ACFL

**25** GROUSSBOTZ
*Gemeng* / Ëmweltkommissioun

**26** FRÉIJORSBASAR
*Schous* / ACFL

## ABRËLL

**06 - 08** KLIBBERKANNER SIN ËNNERWEE

**16** EISCHT KOMMIOUN
*Fëschbech* / Kathoulesch Kierch

## MEE

**01** EISCHT MEEFEIER
*Schous* / Wiichtelcher

**07** SPARGELIESSEN
*Schous* / Senioreveräin

**13** NUITS DES SPORTS
*Filano* / Sportskommissioun



## JUNI

**11** GEMENGEWAHLEN

**17** NOPESCHFEST
*Fëschbech* / Fëschber Nopeschfest

**22** VIROWEND NATIONALFEIERDAG
*Schous* / Gemeng

## JULI

**06** GRILLPARTY
*Schous* / Senioreveräin

**14** SCHOULFEST
*Schous* / Elterevereenegung

**16** PARFEST
*Schous* / Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous

## AUGUST

**15** WËSCH AN DER KAPELL
*Schous* / A. C. F. L. - Kathoulesch Kierch

## SEPTEMBER

**10** HIERSCHTFEST
*Schous* / Senioreveräin

## OKTOBER

**01** ANGSBER KIERMES

**05** PAPPENDAGSFEIER
*Schous* / Senioreveräin

**10** BITZOWEND
*Schous* / ACFL

**15** JOURNÉE DU GRAND-ÂGE
*Schous* / Senioreveräin

COMMÉMORATION
Gemeng

**17** BITZOWEND
*Schous* / ACFL

**22** FAIRE KAFFISBUFFET
*Schous* / Grupp fir Fair a Regional Produiten vun der Gemeng

**24** BITZOWEND
*Schous* / ACFL

**31** BITZOWEND
*Schous* / ACFL

## NOVEMBER

**07** BITZOWEND
*Schous* / ACFL

**12** KIERMESHAM MAT THÉ DANSANT
*Schous* / Pompjeeën

FËSCHBER A SCHÉISSER KIERMES

**14** BITZOWEND
*Schous* / ACFL

**21** BITZOWEND
*Schous* / ACFL

**26** SCHLUECHTFEST
*Schous* / Senioreveräin

**28** BITZOWEND
*Schous* / ACFL

## DEZEMBER

**1 - 24** AKTIOUN ADVÊNTSFËNSTER
Kultur- a Veräinskommissioun

**04** DE KLEESCHEN KENNT AN D'SCHOUL
Gemeng Fëschbech

**05** DE KLEESCHEN FIRT DUERCH D'GEMENG
Club des Jeunes

**12** BITZOWEND
*Schous* / ACFL

**19** BITZOWEND
*Schous* / ACFL

# Mir gratuléieren




*Mir gratuléieren eisem Conseiller Claude Trausch fir säi Bestietnes am Summer an der Ierfgroussherzog-lecher Koppel fir hier 10 Joer Bestietnes.*





*Lëtzebuerg, Oktober 2022*

*Mir soen Iech villmools Merci fir Är léif Wënsch déi Dir ons bei Geleeënheet vun onsem Hochzäitsdag geschéckt hutt.*







**ADMINISTRATION COMMUNALE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

**Heures d'ouverture**
**Jeudi de 08h30 à 11h30 et de 14h00 à 18h00**
**les autres jours: uniquement sur rendez-vous**
**Tél: 32 70 84-1 / Fax: 32 70 84-50**
**E-Mail: commune@acfischbach.lu**
**www.acfischbach.lu**

**COLLÈGE ÉCHEVINAL**

| | |
|---|---|
| Secrétariat | 32 70 84 - 42 |
| Bourgmestre: DAEMS Fränk | 32 70 84 - 24 |
| frank.daems@acfischbach.lu | |
| 1. Échevin: GROTZ Patrick | |
| patrick.grotz@acfischbach.lu | |
| 2. Échevin: BROSIUS Lucien | |
| luss.brosius@acfischbach.lu | |

**SECRÉTARIAT COMMUNAL**

| | |
|---|---|
| secretariat@acfischbach.lu | |
| HEUSKIN Viviane | 32 70 84 - 42 |
| viviane.heuskin@acfischbach.lu | |
| HOTTUA Daniel | 32 70 84 - 20 |
| daniel.hottua@acfischbach.lu | |

**BUREAU DE LA POPULATION**

| | |
|---|---|
| population@acfischbach.lu | |
| SCHOLTES Michèle | 32 70 84 - 25 |
| michele.scholtes@acfischbach.lu | |
| HOFFMANN Serge | 32 70 84 - 21 |
| serge.hoffmann@acfischbach.lu | |

**RECETTE COMMUNALE**

| | |
|---|---|
| recette@acfischbach.lu | |
| SCHOLTES Michèle | 32 70 84 - 25 |
| michele.scholtes@acfischbach.lu | |

**SERVICE TECHNIQUE**

| | |
|---|---|
| technique@acfischbach.lu | |
| LALUX Marc | 32 70 84 - 22 |
| marc.laux@acfischbach.lu | |

**SERVICE FORESTIER**

| | |
|---|---|
| MOLITOR Olivier | 87 96 49 |
| olivier.molitor@anf.etat.lu | |

THEATERVEREÄIN
Fëschbech - Schous - Angsbreg

Mir spillen:
**Déi Al ass zéi !**
e Stéck vum Michèle Finck, dem Claude Flick dédiéiert

Samschdes, den **21. Januar 2023** um **20:15**
Sonndes, den **22. Januar 2023** um **15:00**
Freides, de **27. Januar 2023** um **20:15**
Samschdes, den **28. Januar 2023** um **20:15**

zu Schous « op der Héicht »

Sicht Iech Äer Plaze selwer eraus (24h/24h)
**WWW.THEATERFSA.LU**
oder reservéiert iwwer Telefon
**621 640 349** (Schaffdeeg 18⁰⁰-20⁰⁰)

Entrée: 10 € - Kanner (ënner 14 Joer): 5 €

Et spillen:
Jean-Paul Degraux - Michèle Finck - Triny Fischbach - Francine Frisch
Nathalie Grotz - Lucien Karier - Marco Karier - Felix Miny
Yves Reiser - Martine Wirtz - Angela Zuidberg
Régie: Triny Fischbach - Pësperkëscht: Vanessa Lommer - Technik: Laurent Degraux



*D'Gemeng Fëschbech an d'Redaktioun vum Blat*
*wënschen all Awunner*




**www.acfischbach.lu**